



Ligue HMC coopérative s.c.

Mir begleeten an ënnerstëtze Mënsche mat enger intellektueller Beanträchtegung an de Beräicher
Formatioun, Aarbecht, Dagesbetreung, Wunnen a Fräizäit.

Mir siche fir eis Ateliers d'inclusion professionnelle zu Capellen

een "Coordinateur-trice" (m-w-d) **(Réf.: COORD 08/2026)**

CDI 40 Stonnen/Woch
CCT SAS / Carrière C5 oder C6

Är Missioun:

Als Coordinateur-trice iwwerhuelt Dir eng Schlësselroll an der Organisatioun an der
Weiderentwécklung vun eisen Ateliere. Dir schafft enk mat Ären Ekippen um Terrain, dem Team
vun de Coordinateuren an der Direktioun zesummen.

- Koordination, Leedung an Entwécklung vu verschiddenen Ateliers d'Inclusioun
Professionnelle, am Beräich Kichen, Restaurant, Wäscherei a Botzen;
- Pädagogesch Begleedung vun de Mataarbechterinnen mat enger Beanträchtegung;
- Festleeën an Erreeche vun de Qualitéitsziler vun de Prestatiounen;
- Kontakt mat Famillen, Partner a verschiddenen externen Acteuren.

Äre Profil:

Dir sidd eng engagéiert, verantwortungsbewosst an team-orientéiert Persoun, déi gären Initiativ hëlt
an d'Mënschen an de Mëttelpunkt vun hirem Handele setzt.

Dir bréngt mat:

- En Diplom am Beräich Pädagogik, Sozialaarbecht, Hotellerie oder equivalent;
- Interessi a Sensibilitéit fir d'Begleedung vu Mënsche mat enger intellektueller
Beanträchtegung;
- Erfahrung a staark Motivatioun fir Ekippen ze leeden, Verantwortung ze iwwerhuelen an
autonom ze schaffen;
- Interessi an de Beräicher Déngschtleeschung, Produktioun a Verkaf;
- Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch - Kenntnisser;
- Redaktionell, administrativ an informatesch Kenntnisser.

Mir bidden:

- Eng interessant a villfälteg Aarbecht mat Verantwortung;
- E flott, motivéiert an dynamescht Team an engem mënschlechen Aarbechtsëmfeld;
- Flexibel Aarbechtszäiten, Méiglechkeete fir Weiderbildungen a perséinlech Entwécklung.

Am Fall vun enger Astellung gëtt en Extrait aus dem Casier judiciaire gefrot.

Fir weider Informatiounen, mellt Iech um 30 92 32-222.

D'Kandidature (Motivatiounsbréif, Curriculum Vitae, Diplomer) kënnen **bis spëtstens de 30ten
September** geschéckt ginn un:

Ligue HMC coopérative s.c.
Direction
B.P. 49
L-8301 Capellen
oder per Mail un rh@ligue-hmc.lu
www.ligue-hmc.lu